

Vu Guckucksblummen a Guckucksär

Zënter bal dräi Wochen huet de Xavier-Yves Bürger aus der Rue de la Grève opgehale mat fëmmen. Hie wollt dat jo schonn ëmmer maachen, mee all déi Kéiere virdrun ass et him ni méi wéi en hallwen Dag laang gegléckt. An da koum, wat huet misse kommen: D'Judith, seng vill méi charakterfest Fra, sot da regelméisseg, hie wier a bléif e Schlappschwanz.

Virun ongeféier dräi Wochen awer huet et bei him fir zerguttstert ageschloen. Net datt hien sech extra op der Broscht gepaakt gefüllt hätt oder bei engem Longen-Toubib zu Kräiz gekroch wer, – neen, hien ass an engem Parteiversammlung gewiescht.

Et war nach keng där richteger Wahlversammlungen, den Abrëll läit nach ze wäit vum Oktober wech, mä d'Stëmmung am Sall war schonn iwwer de Leescht vum Stëmmsonndeg gezunn, 't sollt schonns no kommunalpoliteschem Wiessel richen.

Virun allem huet et no Guckucksblumme geroch, well där klenger Buckië stoungen op all Dësch tëschent de Béier- a Wäiglieser an hunn e Stéck frësch erwachten Natur an d'Lokal gezaubert. Äschentellere waren nérens ze gesinn, an de President vun der Parteisektioun huet et lues gegrommelt, wat anerer genee sou heemlech geduecht hunn: „Et wiere sécherlech vill méi Leit komm, wann dierft gefëmmt ginn.“

Dem Célestin Schocklaus seng Ried war net vun Hee a Stréi a goug bei d'Gromperen. Hien huet als Sektionscomitésmember, als Gemengerotsmember, als Ëmweltspezialist vum Parteibezierrkomité an als zweete Chamber-Noréckel-Kandidat Neel mat Käpp gemaach. Um Enn vun sengem Speech sot en däitlech a kloer, wat mol huet misse kloer an däitlech gesot ginn: „Den Tubak ass net nëmme fir den Fëmmert schiedlech an déidlech, en ass wéi e gëftegt Guckucksee, dat déi Raacherten a Patscherten anere Leit gedanken- a skrupellos ënnerschmuggelen; déif eran an d'Longen an an d'Kleeder vun anere Mënschen, déi sech net dergéint wiere kënnen, well de Legislatuer bis haut keen Zivilcourage hat, dat ze maachen, wat aner Länner well laang gemaach hunn. Mir als Lokalpolitiker mussen also leider exemplaresch virgoen: Mir brauchen net nëmmen eng Stad mat enger onverpeschener Foussgängerzon, mir brauchen och onverpescht Foussgänger, siefen se vun hei oder aus der ganzer Welt, déi an onverpeschene Restaurants a Caféen onverpescht lessen a Gedréns zou sech huele wëllen; zervéiert vun engem Personal, dat dach vill léiwer an onverpeschener Loft schaffen an, genee wéi d'Clienten, gäre mat onverpeschtenem Gezei heem bei hir Kanner kënn. Nei Generatioun soen äis spéider Merci fir déi Wäitsicht, sou wéi d'Krankekesen äis lo schonn op de Knéien danken, wa mir an eisem Wahlprogramm Mesurë géint d'Fëmmen fuerderen an herno och ergräifen, wa mer d'Wahle bis gewonnen hunn. Op den éischte Bléck sinn déi Mesurë vläicht onpopulär, mä duer-

zou muss een als couragéierte Politiker stoen, well op den zweete Bléck ass déi Reglementatioun, déi mer duerchsetze wëllen, nohalteg am Sënn vun enger mënschewierdeger Ëmwelt. D'Zich fuere scho laang net méi mat Damp, maache mer hinnen et dach einfach no! Mir sinn, léif Kolleginnen, Komerodinnen a Frëndinnen, léif Kollegen, Komeroden a Frënn, nach ëmmer eng zudéifst sozial Partei gewiescht, den Zigretendamp ass zudéifst asozial, d'Konsequenz fir äis ass lücht ze zéien.“

D'Biergerinnen an d'Bierger hu geklappt, de Xavier-Yves Bürger war vum Célestin Schocklaus total begeeschtert an huet bei alle Guckucksblummebuckien am Sall geschwuer, no der Versammlung keng Zigrett méi an de Bak ze stiechen an den opgebrachte Pak doheem an den Drecks-eemer ze geheien. Déi Kéier wier et him ee fir alle Mol eescht. An einfache Wieder: Hien hat no där politescher Meeschterried an no sengem brutal-resolute Virsaz e katharseschgutt Gefill an den Träipen.

Den Zigrettepak huet en zwar net wechgehäit, hie wollt en no enger zweeter Iwwerleeung als plastesch Ofschreckung stänneg an der Händschekëscht vum Auto leien hunn, mä hie selwer huet sech zwéin Deeg laang an d'Bett geluecht; einfach an d'Bett geluecht, fir net un d'Fëmmen ze denken a fir déi éischt Entzuchsstonnen an -deeg einfach am Schlof duerchzestoen.

Dat war wuel op engem fräie Samschdeg a Sonndeg an dach net ganz einfach, well sou midd war en och rëm net. Tëscheduerch gouf en hongereg an duuschtereg, mä hien hat jo d'Judith, an dat huet him moralesch ënnert d'Aerm gegruff an e mat vill Geméis an Uebst a Léift no alle Regele vun der Konscht entgëft, verwinnt an am Bett gehalen.

Den drëtten Dag war nees e Méindeg, de Xavier-Yves Bürger huet nees misse raus aus dem Bett a ran an déi nach ëmmer verpeschten Ëmwelt. Hie goug wéi soss zu Fouss duerch de Park op de Büro, huet, wat e soss ni gemaach huet, iwwerem Goen déif duerchgeotemt, huet am Park och kee kriminelle Fëmmert begéint, an um Büro war hie souwisou wéinst engem interne Reglement an engem nikotinfreien Ambiente.

Nach déi lescht Woch huet en all Stonn d'Dier zu sengem klenger Fënsterbalkon eng Kéier opgemaach an huet um Balkon heemlech eng ugeemaach, mä dat war elo riwwer. Wuel huet hie lo seng kleng Lausbouwepaus vermësst, mä d'Judith sot mëttes nom lessen: „Huel der einfach zwou Orangen oder eng Orange an en Apel mat, dann ëss de déi um Balkon; dat geet och, wäerts de gesinn, an 't bréngt der zousätzlech nach nei Energie fir weiderzeschaffen.“

Wéi ëmmer hat d'Judith Recht, an 't goug dem Netfëmmert vun Dag zu Dag besser. Nuets huet hien alt gedreemt, hien hätt nees ugefaangen, mä desto méi glécklech an zefridde war en, wann en erwächt ass



an no enger Minutt d'Gewëssheet hat, datt de Réckfall nëmmen e fierchterlechen Dram war.

Wéi gesot, dat alles war virun nobäi dräi Wochen. An du geschouch eng. Beim Heemgank duerch de Stadpark, kuerz no sechs Auer. Du gesouch de Xavier-Yves Bürger eppes. Een. Eng Gestalt, déi honnert Meter méi wäit sou wéi hien duerch de Park spadséiert ass, déi awer dräimol bei gemengeneegen Stadpark-Dreckskiwwele stoe blouf, dräimol ënnert dem weide Mantel eng Plastikstut ervirgeholl an déi an dräi verschidene Kiwwele verschwanne gelooss huet: E gottverdaamte Profiteur, deen amplaz fir d'Entsuergung ze bezuelen, d'Gemeng an d'Allgemengheet op eng gemeng Aart a Weis mat sengem Offall begléckt.

De Xavier-Yves Bürger ass bal aus der Këscht gesprongen. „Dat kann dach net sinn! Sou e Guckuck!“ , sot en haart, huet de Parkwee verlooss a goug tëschent de Beem erduerch deem Friemen no. Hien huet gesinn, wéi deen an den Auto geklommen ass, huet e wéinst dem Hutt an dem Mantel mam ropgeschloene Koll net an d'Gesicht gesinn, awer den Auto, deen Auto do huet hie kann: CSL 2004, dat war dem Célestin Schocklaus säi grénge Coupé.

Hie war opbruecht. Hien hätt lo eng Zigrett gebraucht. Hien huet dem Judith d'Ongeheierlechkeet doheem geplättelt, an och d'Judith war entgeschtert.

„Dee misst Streech kréien, sou en Hypokrit!“ , sot et. An 't huet och nach gemengt, do geséich een, wéi d'Politiker wieren: deenen anere Leit priedegen an da géint hir eege Wieder goen; där hätt et deemools schonn an der Bibel ginn.

Säin opbruechte Mann konnt e puer Deeg laang verstoppen, datt en de Pak Zigretten nees aus der Händschekëscht geholl hat an an der Tëschenzäit och schonn dräimol am Zigrettebuttek war. Mä all heemlech Zänngewächs a Gezeigewiessels huet näscht gedéngt an ass géint dem Judith seng reng Nues net ukomm. Kloerrosen huet hatt him no e puer Deeg op de Kapp zougesot, hie wier alt nees réckfällig ginn an hie wier a bléif an all Éiwegkeet deen aarmséilegste vun alle Schlappschwanz.

„Alles wéinst deem heure Schocklaus!“ , huet de Xavier-Yves Bürger geklot a bal gekrasch, an d'Judith war am Fong geholl eng gutt Haut an och direkt nees méi gedam.

„Ech schloen deem de Kapp rof“, sot et douce.

Josy Braun